CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. November 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
25 NOV. 2019
1527

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister an un den Här Sportminister weider ze leeden.

D'Weltgesondheetsorganisatioun WHO kënnt an engem rezente Rapport an deem eng éischte Kéier de Beweegungsmangel vu Jonken analyséiert gouf zur Conclusioun datt 4 vu 5 Jugendlechen sech hautdesdaags ze wéineg beweegen. 81% vun de sondéierte Jonken kéimen deemno net op op d'mannst eng Stonn kierperlech Aktivitéit pro Dag, der recommandéierter Norm vun der WHO. Eng wieder Erkenntnis ass datt Meedercher manner sportlech aktiv si wéi Jongen.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Huet d'Regierung den detailléierte WHO Bericht ëm deen et hei geet?
- Wéi steet Lëtzebuerg do am internationale Vergläich?
- Hu mir eis par Rapport zu WHO-Etüden aus der Vergaangenheet verbessert oder verschlechtert?
- Wat d'Gedenkt d'Regierung ze ënnerhuele fir op de Beweegungsmangel bei de Jonken ze reagéieren?
- Wéi kënne gezielt méi Meedercher fir de Sport begeeschtert ginn?
- Missten net all déi bestoend Initiativë wéi z.B. „Gesond iessen – méi beweegen" op hir Effikassitéit hin analyséiert an iwwerschafft ginn?
- Misst net de Stellewäert vum Schoulsport iwwerduecht ginn?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt épouse Kemp
Deputéiert

Martine Hansen
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Santé, de Monsieur le Ministre des Sports et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1527 du 25 novembre 2019 de Madame la Députée Nancy Arendt et de Madame la Députée Martine Hansen concernant la "Rapport de l'OMS sur l'activité physique".**

*Huet d'Regierung den detailléierte WHO Bericht ëm deen et hei geet?*

Den genannte WHO Bericht, deen déi scolariseiert Jugendlech aus 146 Länner betrefft, ass ëffentlech zougänglech an deemno och der Regierung bekannt. Doriwwer eraus ass de Bericht all Memberstaat vun der WHO zougestallt ginn.

*Wéi steet Lëtzebuerg do am internationale Vergläich?*

Laut dem Bericht hunn zu Lëtzebuerg am Joer 2016, 79,2% vun de Jugendleche sech, no den Kritären vun der WHO , net genuch beweegt[1]. Am Joer 2001 waren et der 80,8%. International gesinn (146 Länner) hunn sech am Joer 2016, 81% vun de Jugendlechen net genuch beweegt. Lëtzebuerg läit also liicht ënnert der Moyenne.

*Hu mir eis par Rapport zu WHO-Etüden aus der Vergaangenheet verbessert oder verschlechtert?*

Par rapport zu 2001 huet Lëtzebuerg sech liicht verbessert. Bei de Meedercher konnt tëschent 2001 an 2016 keen Ënnerscheed vermierkt ginn. D' Jongen beweegen sech am Joer 2016 (73,4 % sinn net physesch aktiv genuch) zu Lëtzebuerg an der Moyenne e bësse méi wéi nach am Joer 2001 (76,3 % waren net physesch aktiv genuch).

*Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuele fir op de Beweegungsmangel bei de Jonken ze reagéieren?*

De Kaderplang "Gesond iessen, Méi beweegen" (GIMB) gouf am Joer 2018 erneiert. Dëse Plang gëtt gedroe vum Gesondheetsministère, dem Sportsministère, dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend a vum Ministère fir Famill an Integratioun. D'Zil ass d'Promotioun vun enger gesonder an équilibréierter Ernährung an enger regelméisseger Beweegung.

Déi Aktivitéiten déi festgehalen goufen, sinn op där enger Säit d'Sensibilisatioun an op där anerer Säit d'Schafe vun engem gesondheetsfuerdernden Ëmfeld. Sou ginn, mat Hëllef vu verschiddene Medie, d'Virdeeler vun enger regelméisseger Beweegung erklärt an attraktiv gemaach. Op där anerer Säit soll eist Ëmfeld esou gestallt ginn, dass et der Populatioun méi einfach fält, sech ze beweegen.

Den nationalen GIMB-Dag, deen den 22. Oktober 2019 stattfonnt huet, hat eben just als Thema déi gesond Ernärung an eng regelméisseg an ugepassten physesch Aktivitéit fir déi Jugendlech. Am Kader vun dëser Journée hunn Workshopen stattfonnt mat allen impliziéierten Partner zum Thema Ernährung, Beweegung a Wuelbefannen.

Op dëser Basis wäerten 2020 weider Aarbechtsgruppe stattfannen, fir konkret Mesurë fir déi Jugendlech zu Lëtzebuerg auszeschaffen.

[1] minimum 1 Stonn Beweegung pro Daag

*Wéi kënne gezielt méi Meedercher fir de Sport begeeschtert ginn?*

Et gëllt Sportsofferen ze förderen, déi de Motiver an dem Interessi vun de Meedercher entspriechen.

Hei ass niewent deene klassesche Sportaarte virun allem drun ze denken, breetgefäschert Sportsméiglechkeeten ouni kompetitiven a restriktive Charakter unzebidden. Och soll Beweegung an engem informelle Kader verstäerkt erméiglecht ginn.

Sensibiliséierungscampagnen, déi di klassesch Geschlechterroll an der Sportswelt iwwerdenken an esoumadder nei Identifikatiounsfigure fir jonk Meedercher a Frae schafen, wäerten ënnerstëtzt ginn.

*Missten net all déi bestoend Initiativë wéi z.B. „Gesond iessen - méi beweegen" op hir Effikassitéit hin analyséiert an iwwerschafft ginn?*

Am Joer 2016 gouf de Programm “Gesond iessen, Méi beweegen” vun enger externer Firma évaluéiert. D’Resultater vun dëser Evaluatioun si mat an den neie Kaderplang vun 2018 eragefloss. De Kaderplang “Gesond iessen, Méi beweegen” 2018-2025 beinhalt och e ganzt Kapitel zur Evaluatioun. All Joer gëtt eng intern Evaluatioun vun den Aktiounen gemaach. Hei sinn d’Krittäre vun der Evaluatioun och festgehalen. An der Halschent vum Plang (2022) an zum Schluss (2025) sinn extern Evaluatioune virgesinn.

*Misst net de Stellewäert vum Schoulsport iwwerduecht ginn?*

De Schoulsport ass och ee wichtegen Aspekt am Kader vun der Färderung vun der physescher Beweegung. An Zukunft gëtt awer och d’Zesummenaarbecht tëscht den eenzelnen Acteuren verstäerkt gefërdert, déi am “Concept pour une éducation motrice, physique et sportive des enfants de 0 à 12 ans” vum Edukatiounsministère an dem Sportsministère genannt ginn. Niewt der Schoul selwer spillen hei d’Elteren, d’Opfangstrukturen fir Kanner, d’Sportsveräiner, aner Prestatairen wéi d’LASEP a besonnesch d’Gemengen eng wichteg Roll. Alternativ a breetgefäschert Organisatiounsforme vum Schoulsport sou ewéi Sportsprojeten an eenzelne Schoule wäerten identifizéiert a gefërdert ginn.

Des Weidere ginn aktuell schonn an de Grondschoule an an den Maisons Relaisen Projete wéi zum Beispill “Clever Move” ëmgesat, während deenen d’Kanner am Kader vun den alldeeglechen Unterrechtsstonnen zu méi Beweegung animéiert ginn. Dank dëse Projeten hunn d’Kanner d’Méiglechkeet, sech regelméisseg ausserhalb vum traditionelle Sportunterrecht am Klassesall ze beweege, wat nieft der kierperlecher Fitness och d’Léierverhale vun de Schüler ënnerstëtzt.

Fir den Enseignanten an den Edukateuren d’Méiglechkeet ze ginn, sech am Domaine vum Schoulsport fortzebilden an déi eenzel Alternativen zum klassesche Schoulsport ze entdecken, gi vum Institut de formation de l’Éducation nationale (IFEN), a Kooperatioun mat der Ecole Nationale de l’Education Physique et des Sports (ENEPS), divers Formatiounen an deem Domaine ugebueden.

Et ass de Moment net geplangt, d’Zuel vun de Stonnen ze erhéijen, déi am Kader vum normalen Horaire stattfannen.